LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 30 novembre 2020

REÇU
Par Alff Christian , 15:39, 30/11/2020

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**<u>Objet :</u>** Question parlementaire n°3046 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3046 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Energieminister a der Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°3046 vum 26. Oktober 2020 vun den honorabelen Deputéiert Madamm Martine Hansen an Här Paul Galles iwwert "Systèmes photovoltaïques dans les zones vertes"**

Wéi di zwee honorabel Deputéiert an hirer Introduktioun schreiwen, leie ganz vill landwirtschaftlech Gebaier oder ganz landwirtschaftlech Betriber an der Gréngzon an ënnerleien domat de Bestëmmunge vum Naturschutzgesetz.

Bei der Planung an der Geneemegung vun neien Aussiedlerhäff a vu neie landwirtschaftleche Wirtschaftsgebaier soll vu vir eran opgepasst ginn, datt des naturfriem Konstruktiounen esou mann wéi méiglech an der Landschaft stéieren. Wat e Gebai méi grouss oder d'Plaz vun der Konstruktioun siichtlech méi exposéiert ass, ëmsou méi fält dat betreffend Gebai op a kann de Betruechter stéieren.

De Schutz vun der Landschaft ass eent vun den Ziler déi am Artikel 1 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 definéiert sinn.

Am Kader vun der Geneemegungsprozedur ginn dofir Bedingunge gesat betreffend d'Gréisst, d'Form, d'Héicht an d'Baumaterialien. Zudeem ginn och standortspezifesch Beplanzunge virgeschriwwen, fir datt sech déi Gebaier mat der Zäit besser sollen an d'Landschaftsbild integréieren.

Besonnesch Diech kënnen ee grousse visuellen Impakt hunn. Sinn se ze héich, ze grouss, ze onroueg duerch Fënsteren, Gauben oder Änlechem, ze grell oder ze blénkeg, sou verléiert e groussen Deel vun der Landschaft hire Reiz.

Wat heescht dat elo fir d'Installatioun vu Photovoltaïkpanneauen (PV) op Gebaier an der Gréngzon?

Prinzipiell gi PV-Panneauen autoriséiert, soufern sech duerch d'Installatioun d'Daachform net ännert, d'Panneauen an däischtere Faarftéin sinn an net blénken.

Eng Installatioun vu Solarpanneauen op Stänneren op den Diecher vu Gebaier an der Gréngzon ännert de visuelle Charakter vun dëse Gebaier a féiert an der Reegel zu engem gréisseren Impakt, dee konträr ass zum Zil vum Naturschutzgesetz.

Solarenergie leescht ee wichtege Bäitrag fir den nationalen Energiekonsum duerch erneierbar Energiequellen ze decken. Bei der Planung vun neie Gebaier soll dës Méiglechkeet vun Ufank un am Sënn vun enger optimaler Notzung vun enger PV-Anlag an d'Konzeptioun mat afléissen, souwuel an der Gréngzon wéi och an de Bauzonen. Bei bestoende landwirtschaftleche Gebaier an der Gréngzon geet et drëms, déi gutt sonnenexposéiert Diech ze identifizéiren. De Solarkataster, dee vun der ëffentlecher Hand entwéckelt gouf, kann dobai eng sënnvoll Hëllefstellung bidden.